ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 26/04/2025

Rapport vun der Ëmwelt-Kommissioun vum 10.03.2025

Punkt 1: Presenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Lesch Luc	Vosman Joske (nët entschëllegt)	
Losch Gilles	Wirtz Pit (entschëllegt)	
Malherbe Louis	Quazzotti Luca (nët entschëllegt)	
Pesch Serge		
Sedrani Catherine		
Stocco Mauro		
Winandy Tom		
Wirtz Pascal		

Punkt 2: Validatioun vum Rapport vun de Kommissiounssëtzungen vum 7.10.2024 an um 27.01.2025

De Rapport vun der Kommissiounssëtzung vum 7.10.2024 an de Rapport vun der Kommissiounssëtzung vum 27.01.2025 goufen unanime ugeholl.

Punkt 3: Staarkreenétude Gemeng Helperknapp

Nodeems mir de 27.01 d' Staarkreenétude vum Här Schmitz Charel vum TR-Engeneering präsentéiert kruten, krut d'Kommissioun de kompletten Dossier den 30.01 zougeschéckt.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 26/04/2025

D'Kommissioun huet zu der Etude follgend Propose gemaach:

· Beim Chantier vum Sidero deen am Moment an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Helperknapp am Beräich Openthalt-Fënsterdall ass, soll iwwerpréift ginn op déi Mesurë vun der Staarkreenétude déi un dëse Chantier ustoussen eventuell kënnen direkt mat ëmgesat ginn.

· Bestandsopnahm vun de Grief, Griller an Duerchläss am Aussengebitt an e reegelméissegen Entretien vun dësen.Esou ka verhënnert ginn dass onnéideg Waassermasse bei Staarkreen aus dem Aussegebitt an d'Dierfer fléissen.Hei kéinten des Bauwierker op de Weeër mat engem Marquage gezeechent ginn, esou dass se besser a méi schnell rëmzefanne sinn.

· En Entretiensplang vun de Reenrückhaltungen de Griller an den Duerchläss, am beschten an digitaler Form mat Geolokalisatioun, esou dass d'Gemengenaarbechter bei enger Ukënnegung vun engem Staarkreen respektiv no engem Staarkreen dës Punkte schnell kënnen offueren an op hier Funktionalitéit kënnen iwwerpréiwen.

· Dann hu mir als Kommissioun festgestallt dass am Beräich tëscht Brouch a Sëll, südlech vun der Haaptstrooss N8 eng ganz Partie Mesurë virgesi sinn op der landwirtschaftlecher Fläch.



Wat hei net berücksichtegt gouf ass dass de Problem am Beräich vum Bësch ''unter Hamp'' entseet.Hei gouf virun enger Partie Joren am Kader vum Remembrement een neie Bëschwee vum Office national du remembrement ugeluecht. Wou virdru bei Staarkreen d'Waasser vum Hang erof an de flaachen Deel vum Bësch gelaf ass an do e Groussdeel konnt versickeren, gëtt d'Waasser elo duerch déi topographesch Lag vum neie Wee op verschidden Déifpunkten zesummegeleet wou zu Erosiounsproblemer um Oppeland féiert.D'Kommissioun huet festgehalen an der nächster Sitzung sech d'Situatioun op der Plaz unzekucken.

Helperknapp, 26/04/2025

Punkt 4: Grouss Botz

Follgend Punkte fir d'Grouss Botz vum 29.03. sollen nach gekläert ginn:

· Disponibilitéit vum Gemengepersonal fir dësen Dag fir Dreckstuten op den Tier asammelen ze fueren

· Sinn d'Bestellunge fir d'Iessen a Gedrénks gemaach?

Dann goufen d'Tier nach e bëssen iwwerschafft, an nach zousätzlech Tier bäigesat falls méi Leit géifen kommen, Déi eenzel Tier sinn ënnert dem Link http://g-o.lu/3/9G6E ze fannen.

Punkt 5: Verschiddenes

Déi nächst Kommissiounssitzung gouf op den 28 Abrëll um 19 Auer festgeluecht